

Rapport vun der Feld- an Bëschwee Kommissioun

Sëtzung vum 6 Oktober 2022

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥7)	Net present	Observateuren a Experten
Serge ERPELDING (President)	Joe HEINZ (entschëllegt)	
Jean HENSEL	Marc HOFFMANN (net entschëllegt)	
Joël HERREN	Gilles LOSCH (entschëllegt)	
Carlo KOEPP (Sekretär)	Carlos MOREIRA CARDOSO (entschëllegt)	
Luc LESCH	Henri NOESEN (entschëllegt)	
Daniel RIEDEL		
Arlette SCHARTZ		
Emile SPLICKS		

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst.

- Begréissung a Präsenzläsch
- 1. Remarquen zum leschte Rapport
- 2. Douce Mobilitéit a séchere Wee fir an d' Bricher Schoul
- 3. Erweiderten Relevé iwver den Zoustand vun den Gemengeweeër
- 4. Divers
- 5. Nächst Sëtzung

Punkt 1 : Remarquen zum leschte Rapport

De Rapport vum 21 Abrëll gouf an der Form approvéiert

Punkt 2 : Douce Mobilitéit a séchere Schoulwee

De President huet dëse Punkt ufangs der Sëtzung ugeschwat an duerfir gouf en op d' Dagesuerdnung iwwerholl. Op d' Nofro, op dëst net an Zoustännegkeet vun aneren Kommissiounen fält, huet hien präziséiert dat hien héi d' Beräicher "Hors Perimeter" uschwätzt, also ausserhalb vun de Bau- resp. Wunn-Perimeteren .

Am Virfeld vun den Stroossen-Aarbechten fir déi nei Waasserleitung duerch d' Bricherlächer gouf dovu Geschwat, d' Geleeënheet ze notzen fir laanscht d' Strooss ee Velo's Wee unzeleeën. Dat schéngt am Moment nach net de Fall ze sinn, an d' Gefill besteet dat domadder eng Chance verpasst gouf.

De Luc Lesch huet dorops higewisen dat d' Pente fir Vëloen net iwwer 8% däerf leien. Dat bedéngt warscheinlech dat ee Wee a Schlaange Linn iwwert d' Feld nieft der Strooss muss ugeluecht ginn, wat d' Saach méi komplizéiert mécht.

An dem Kontext gouf nach den zoukënftegen "Nationalen Velo's Wee zitéiert, deen am Gespréich ass, a wou dann Méiglechkeet bestoe géif, fir ee gemeinsaamt integréiert Konzept virzeleeën.

D' Meenungen waren gedeelt doriwwer dat Gemeng sollt ee Bureau d' Etudes konsultéieren.

Insgesamt gouf an der Kommissioun d' Meenung gedeelt dat sécher Velo's Weeër an eiser Gemeng missten existéieren, an d' Bricher Schoul esouwuel vun Téinten, wéi vu Béiwen doriwwer misst errechbar sinn.

Punkt 3 : Erweiderten Relevé iwwert den Zoustand vun de Gemengeweë

Am leschten Rapport hate mir méi e genaue Relevé am Beräich Bour-Huelmes-Märjendall ugekënnegt. Am grouse Ganzen stellt een awer fest dat vill Weeër, déi am <Geoportail.lu> hannert dem Anseburger Schlass bis eriwuer op Dondel ugewisen ginn net méi befuerbar oder net méi existent sinn. Oft lafen dës Weeër duerch clôturéiert Perchen.

Topografesch missten dofir Korrekturen op den Kadasterpläng duerchgeféiert ginn.

Punkt 3 : Divers

- Et gouf dorops higewisen dat **Mierscher Strooss, CR113, eng 300 m virun Neimillen virun engem Joer ënnerspultt gouf an agesackt ass. D' Plaz ass zwar ofgesécher, mee si bleift kritesch.** Ponts et Chaussées muss dréngend eppes ënnerrhuelen fir d' Strooss fachmännesch ze reparéieren.
- D' Arlette huet eis e Feedback ginn iwwer den Bëschwee 'In der Leyen' um Obenthalt, Punkt 8 am Rapport vum 25 November 2021. Hien ass an engem schlechten Zoustand mat vill Bulli an engem decken Bamstamm queesch iwwert de Wee.

Punkt 4 : Nächst Sëtzung

Opgepasst: Mir haten den 23 November am Gemengerot's Sall virgesinn. De Serge huet mir geschriwwen dat mir nach vun der Gemeng aus een lessen zegutt hunn, an proposéiert dat mir dofir zesummen an Bricherstoff ginn. Dann halen mir virdrun eis Sëtzung do of. Hien gëtt eis geschwënn den Datum an d' Auerzäit duerch.

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (anja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.